

**Recommandatiounen, déi no 1999
vum CPLL ausgeschafft goufen:**

Ad 1.1.a*

Déi betounten Endungen **-al, -ar, -id, -in, -iv** virun zwéin oder méi Konsonante gi verduebelt.
Zum Beispill: *banaalt, ideaalt, aktiivt, rapiidst*

Ad 5.1.b*

Franséisch Wierder behalen den **é** just an der Endsilb, an net am Stamm.

Zum Beispill: *Employé, Comité, Lycée*
mee *Decisioun, Reunioun, resuméieren*

Bei polylexikaleschen Terme gëtt den **é** bäibehalen.

Zum Beispill: *Assemblée générale, Débat parlementaire, Métier à risque*

Ad 5.1.c*

Bei fransésische Substantive gëtt den ausgeschwate Schlusskonsonant no kuerzem Vokal am Plural verduebelt.

Zum Beispill: *Amicale / Amicallen, Bourse / Bourssen*

Ausserdeem gëtt de fransésichen Endungs **-c** am lëtzebuergesche Plural, oder bei aneren Extensiounen, virum **e** als **-ck** verduebelt.

Zum Beispill: *Echec / Echecken, chic / e chicke Schal*

Ad 5.1.d*

Bei fransésichen Adjektive mat engem stommen Endungs **-e** gëtt en Trema op de Schluss **-e** gemaach, wann en ausgeschwat gëtt.

Zum Beispill: *e beigë Schal*

Ad 5.3*

Fir de Participe passé vun den englesche Verben hält een den engleschen (oder, wann en existéiert, och den däitschen) Modell.

Zum Beispill: *geleased / geleast*